1-2019-0-R-5424-01 (n°3142)

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Sven Clement
Interpellatioun au sujet du bien-être au travail

Lëtzebuerg, den 13te Februar 2020

2

# Motioun

**D'Deputéiertechamber,**

- Feststellend, dass déi meeschte Mënsche schaffe ginn, fir Suen ze verdéngen. Suen, déi et hinnen erlaben um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen;
- des Weidere feststellend, dass d'Aarbechtsëmfeld matentscheedend ass, fir d'Wuelbefanne vun de Mataarbechter z'influenzéieren;
- iwwerzeegt dovunner, dass d'Implizéieren an d'Ermächtegung (Empowerment) vu Mataarbechter ee motivéierend Aarbechtsëmfeld schaft an dozou bäidréit, dass Mataarbechter sech motivéiert fir eng gemeinsam Cause asetzen;
- gläichzäiteg iwwerzeegt, dass d'Matbestëmmung sech net eleng op de politesche Plang reduzéiere soll, mee dass eis demokratesch Wäerter queesch duerch d'Gesellschaft an dofir och um Niveau vun den Entreprisen ausgelieft solle ginn;
- ugesiichts vun innovativen a basisdemokratesche Gesellschaftsformen, déi op d'Matbestëmmung an d'Ermächtegung vu Mataarbechter setzen, andeems dës Undeeler a Form vu Mataarbechteraktien ausgestallt kréien, déi se un de Gewënner vun der Firma bedeelegen an hinne gewëss Matsproocherechter sécheren (actionnariat salarié);

**invitéiert d'Regierung**

1. eng Etüd opzestellen, déi analyséiere soll, wéi d'Konzept vum "actionnariat salarié" zu Lëtzebuerg implementéiert kéint ginn, an dës Etüd bei Ofschloss der Chamber ze présentéieren;
2. am Kader vun der Steierreform d'Méiglechkeet ze analyséieren, Firmen, déi een actionnariat salarié ubidden, steierlech z'entlaaschten.

Sven CLEMENT